JANOSCH

OH, WÉI ASS PANAMA ESOU SCHÉIN

CAPYBARA BOOKS



De klenge Bier huet all Dag
d'Iesse gekacht; well hie war e gudde Kach.

»Hätt Dir de Fësch léiwer mat Salz
a Peffer, Här Tiger, oder éischter mat
Zitroun an Ënnen?«
»Alles zesummen«, sot de klengen Tiger,
»an zwar déi déckst Portioun.«
Als Dessert hunn si gedëmpt Champignonë
giess an duerno och nach Päerdsbierkompott
mat Hunneg.

Si hate wierklech e schéint Liewen do
ënnen an deem klengen, gemittlechen Haus
beim Floss . . .